LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

**Réponse de Monsieur le ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme, Lex Delles, à la question parlementaire n°3158 du 5 novembre 2025 de Monsieur le député Ricardo Marques au sujet des barbershops et salons de manucure**

Virop sollt drop higewise ginn, datt « Barbier » a « Manucure – Maquilleur » Aktivitéite vun der Lëscht B am Gesetz iwwert den Droit d'Etablissement sinn, net vun der Lëscht A wéi den éierbaren Deputéierten et schreift. Domatt sinn dës Aktivitéiten Ënnerpunkte vun de jeeweilegen Aktivitéite « Coiffeur » an « Esthéticien » vun der Lëscht A, daat heescht datt mat der jeeweileger Handelsermächtegung « Coiffeur » an « Esthéticien » d'Aktivitéiten « Barbier » a « Manucure – Maquilleur » och dierfen ausgeüübt ginn.

1. *« Kann den Här Minister oplëschten, wéi vill Handelsermächtegunge fir Barbershops an deene leschte 5 Joer erstallt goufen? »*

Eng Persoun mat enger Handelsermächtegung als « Coiffeur » dierf hire Salon och Barbershop nennen, et ass also net méiglech eng genee Zuel vun de Barbershops ze ermëttelen.

D'Handelsermächtegung spezifesch als « Barbier » gëtt et zanter der Reform vum Droit d'établissement (September 2023). Zanterhier a bis den 1. November 2025 sinn 43 esou Handelsermächtegunge fir 41 Gesellschaften ausgestallt ginn.

2. *« Kann den Här Minister oplëschten, wéi vill Handelsermächtegunge fir Neelstudioen an deene leschte 5 Joer erstallt goufen? »*

Eng Persoun mat enger Handelsermächtegung als « Esthéticien » dierf hire Commerce och Neelstudio nennen, et ass also net méiglech eng genee Zuel vun de Neelstudioen ze ermëttelen.

Vum 1. November 2020 bis den 1, November 2025 si 530 Handelsermächtegunge fir 424 Gesellschfte fir d'Aktivitéit « Manucure – Maquilleur » ausgestallt ginn.

3. *« Kann den Här Minister oplëschten, wéi vill Barbershops an deene leschte 5 Joer hir Handelsermächtegung entzu kruten a firwat? »*

Vu September 2023 bis den 1. November 2025 ass keng esou Handelsermächtegung revoquéiert ginn.

4. *« Kann den Här Minister oplëschten, wéi vill Neelstudioen an deene leschte 5 Joer hir Handelsermächtegung entzu kruten a firwat? »*

Vum 1. November 2020 bis den 1. November 2025 si 6 Handelsermächtegunge « Manucure – Maquilleur » revoquéiert ginn. D'Grënn heivir sinn :

- Onbezuelte Sozialcotisatiounen a 4 Fäll ;
- Absence vun engem Geschäftssëtz an engem Fall ;
- Mangel vu Lien tëschent dem Geschäftsféierer an der Gesellschaft an engem Fall.

5. *« Kann den Här Minister opléschten, wéi eng Konditioune mussen erfëllt sinn, fir dës Handelsermächtegung ze kréien? »*
6. *« Kann den Här Minister Informatioune ginn, wéi d'Erfëlle vun dëse Konditioune kontrolléiert gëtt? »*

Fir dës Beruffer vun der Lëscht B dierfen auszeüben, muss den Demandeur en DAP an dësem Métier hunn, oder 3 Joer Beruffserfarung bei engem Betrib deen esou eng Handelsermächtegung huet. D'Konditiounen aus dem Gesetz dat d'Qualifikatiounsdirektiv transposéiert mussen erfëllt sinn.

D'Pièecen an Informatiounen déi mussen agereecht gi sinn am Detail op Guichet.lu erklärt: https://guichet.public.lu/fr/entreprises/creation-developpement/autorisation-etablissement/artisanat/metier-secondaire.html

Den Demandeur muss en Dossier mat all de Pièecen a Beweiser areechen. De Wirtschaftsministère kontrolléiert dësen Dossier a stellt d'Handelsermächtegung aus wann den Dossier komplett ass an all d'Conditiounen erfëllt sinn. Dëse Prozess ass ISO9001 zertifizéiert.

Luxembourg, le 24/11/2025

Le Ministre de l'Économie, des
PME, de l'Énergie et du Tourisme

(s.) Lex Delles